65

DT Nouspelt

DT Nouspelt

# Vill Gléck vir den 65.



Alles Guddes fir den 65. Gebuertsdag!

Den DT Nouspelt kann op eng stolz a laang Geschicht zréck kucken. Den DT Nouspelt ass 1956 gegrënnt ginn an zielt haut zu den eelsten Dëschtennisveräiner aus dem Land. Am Laf vun de Joren hunn Spillerinnen an Spiller eng Partie Titelen op den nationale Landesmeeschterschafte an deene verschiddenen Altersgruppen gewonnen. Iwwert déi lescht 20 Joer hunn se an der Moyenne mat 8-9 Seniorsequippen a 6-8 Jugendequippen an de verschidden Altersklassen gespillt.

Jugendaarbecht gëtt grouss geschriwwen an de Club steet och fir d'Integratioun vun alle Léit. Op grouss, kleng, jonk oder al, bei hinnen dierf jiddereen spille kommen an net manner ewéi 12 verschidden Nationalitéiten sinn am Veräin lizenzéiert.

No 65 Joer verbannen ganz vill Léit ganz vill schéin Erënnerungen mat dësem Veräin. Dat geet an eis kollektiv Memoire an, an natierlech och an d' Memoire vun der Gemeng Kielen. Dëst ass immens wichteg fir dass eng Gemeinschaft entstoen kann. Bei deem aktuellen Wuesstem deen mer erliewen, ass dëst ëmsou méi wichteg.

D'Gemeng Kielen huet ëmmer ganz vill fir d'Sportsveräiner gemaach. Sport insgesamt, op elo federéierten Veräinssport oder Individual Sport, ass eis immens wichteg. Wichteg fir d'Entwécklung vun eisen Kanner, wichteg fir Gesondheet an dat mentaalt Wuelbefannen vun eis alleguer.

Dofir investéieren mer och an de nächsten Joren weider an eis Sportinfrastrukturen. Sief et fir Fitnessparcoursen a Weeër an eisen Bëscher, fir d'Ausschëlderung vun eisen Vëlos- an Trëppelweeër, fir Outdoor Aktivitéiten am Kader vum Reamenagement vum Domaine Housekneppchen, virun allem awer och fir eng zousätzlech Sportshal mat Piscine op Elmen.

A genau do kritt den DT Nouspelt en neit Doheem. Nieft der grousser Sportshal wou den Dëschtennis seng Kompetitiounsmatcher ausdroen kann, kritt den DT Nouspelt do och eng Trainingshal wou se kennen mat den sëllegen Jugend- a Seniorsequippen trainéieren a sech beschtens op hier Kompetitiounen virbereeden. Se kréien ausserdeem do Stockage Méiglechkeeten, e Büro, eng Passerelle wou een vun der Buvette eriwwer kennt an vu wou Elteren a Supporteren aus enger flotter Perspektiv Training a Matcher verfollegen kennen.

Soubal den PAP fir Phase 2 vun Elmen duerch ass, kann domadder ugefaangen ginn. Am Budget hunn mer elo mol 1mio fir 2022 virgesinn, insgesamt gëtt de ganze Projet éischten Schätzungen no op 32mio chiffréiert. Et wäert nach e puer Joer daueren bis deen Projet ofgeschloss ass mee den DT Nouspelt huet domadder eng

KIRSCH

LE BOUCHER

nohalteg Perspektiv op déi en opbauen kann.

E groussen Merci un all déi Persounen déi, duerch hire fräiwëllegen Asaz, zum grousse Succès vun deem Club bäigedroen hu wärend de leschten 65 Joer vun senger Existenz. Dësen fräiwëllegen Asaz ass virbildlech an ech hoffen dass nach méi Léit sech dem DT Nouspelt uschléissen. Dëschtennis ass e dynameschen Sport deen séier an ouni vill finanziellen Opwand erreechbar ass fir jiddereen. Dofir ass den sozialen an integrativen Aspekt vun deem Sport a vum Veräin ganz wichteg. E Veräin wou jiddereen seng Plaz fannen kann a wou och haut ganz vill Nationalitéiten hir Plaz fannen. Dofir ass den Site zu Elmen beschtens gëeegent an ech sinn mer sécher dass den DT Nouspelt zu der sozialer Integratioun do bäidroen kann.

Niewent dem Sport, den Tournoien an de Verbandsorganisatiounen déi wärend dem Joer organiséiert ginn, ass den DT Nouspelt e wichtegen Acteur am Gemengeliewen, mécht aktiv bei der Eemaischen, beim Péckvillerchslaf oder soss Aktivitéiten an der Gemeng mat déi eist Zesummeliewen fërderen.  Sie sinn do wou ëmmer se gefrot ginn an dofir soen ech am Numm vum Schäffen a Gemengerot Merci a wënschen hinnen alles Guddes fir hier sportlech Zukunft!

Marc Bissen
Éischten Schäffen

# Präsident vun der FLTT



Léiw Membren vum Dëschtennis Péckvillercher Nouspelt,

Als Prësident vun der lëtzebuerg er Dëschtennis-Féderatioun as et fir mech eng grouss Freed a besonnesch Éier fir iech déi aller beschten Gléckwënsch fir den 65. Gebuertsdag ze iwerbréngen.

Allen Dirrigeant'en an Membren vun gëschter an haut gëllt mäi gréissten Respekt a méng Unerkennung fir déi geleeschten Aarbecht am Déngscht vum Dëschtennissport.

An de 50iger Joeren huet den Dëschtennis an onsem Land e groussen Opschwonk gehaat mat der Grënnung vun enger circa 20 Veräiner, dorënner 1956 d'Clibb vun Nidderpallen, Habscht an Nouspelt.

Deemools haaten ee grappvoll jonk Nouspelter déi nobel Iddi an de Courage fir an ärem Duerf ee Sportveräin an d'Liewen ze ruffen an domat der Jugend an den Erwuessenen eng sënnvoll, gesond a sportlech Fräizäitbeschäftegung unzebidden.

Den Dëschtennis huet dee besonnesche Reiz als Eenzel, am Dubbel an par équipe gespillt ze gin. Eise Sport kann vun Jonken, vun Erwuessenen, vun Meedercher a Jongen an alle Kategorien gespillt gin.

D'Ausdauer, d'Schnellegkeet an d'Geschécklechkeet gin gefördert esouwéi de Wëllen an de Bëss fir sech duerchzesetzen. Komm, loosse mer all dëss Atout'en vun eiser Sportart héich haalen an un eis Jugend weidergin.

Haut as den DT Péckvillercher Nouspelt ee vun de gréissten an aktivsten Veräiner am Land. Niewent dem Training an dem Spillbetrieb an allen Alterskategorien organiséiert dir säit Joeren och verschidden Tournoi'en an Verbandskompétitiounen. Dir leescht Grousses am Bénévolat op Veräins- an Verbandsniveau. Ee besonneschen Merci gëllt ären Veräinsmembren fir d'Mataarbecht an den FLTT-Kommissiounen, als Arbitter oder als Trainer.

Mat der aktueller Corona-Pandémie gi mir all zesummen duerch eng schwéier Zäit. Als FLTT hoffe mir dat mir ganz schnell nees ee normalen Spillbetrieb kënnen ëmsetzen an allen Divisiounen an an allen Kategorien. Besonnesch läit mir awer um Häerz, datt démnächst nees verstärkt Promotioun fir eis Sportart um Niveau vun de Veräiner, de Schoulen an den Institutiounen kann gemaach gin.

Op dëser Plaaz wéilt ech dem Organisatiounskomitee e spézielle Merci soen fir d'Editioun vun dëser Broschür, déi dir an der Hand haalt.

Hei dran as e Stéck Geschicht vun ärem Klub beschriwwen, waat gläichzäiteg och e Stéck Lokalgeschicht as. Ett as awer och e Stéck Patrimoine an en Dokument vun a fir d'Dëschtennis-Féderatioun, an hei am besonneschen, wéi en Duerfveräin Grousses an Exemplaresches um sportlechen an aussersportlechen Plang leeschte kann.

Zum Schluss wënschen ech dem Dëschtennis Péckvillercher Nouspelt mat all séngen Membren vill Erfolleg an der Zukunft, vill schéin Stonnen am Kreess vun den Dëschtennisspiller aus dem ganze Land an doriwer eraus vill Freed a Spaass ronderëm eisen Lieblingssport, dem Dëschtennis.

André HARTMANN
FLTT-Prësident

DMH

DENMOBILENHANDWIERKER

lalux
ASSURANCES

ELCO

DEMY SCHANDELER
reesen a wuelfillen

# Den President vum DT Nouspelt zum 65. Gebuertsdaag



Den DTN féiert 65 Joer. An der sech haut ëmmer méi schnell dréiender Zäit, sinn 65 Joer schonn eng gefillten Éiwegkeet, an ech sinn frou President vun dësem Club ze sinn.

Als Veräinspapp kann ech iech soen dass déi lëscht puer Joer allerdéngs net esou einfach waren. Stéchwuert Corona. Déi weltwäit sanitär Krise huet jidderengem e Stréch duerch d'Rechnung gemaach a vill Misär hannerlooss.

Als Veräin sinn mir do net verschount bliwwen. Sou sinn um sportleche Plang Saison'en zäiteg ofgebrach, d'Trainingen an all d'Manifestatiounen ofgesot ginn. Um mënschleche Plang war et nach méi schlëmm, vill Relatiounen sinn ze kuerz komm, Lockdown, Quarantainen, ech denken jiddereen weess vu wat ech schwätzen.

Als Comité hunn mir dofir probéiert eist Bescht ze maachen fir dass opmannst den Training erëm esou séier ewéi méiglech konnt stattfannen. Ënnert dem Anhalen vun den néidegen Sécherheetsmoossnamen, konnten mer no enger Zäit erëm Training ofhalen, an esou e bëssen Normalitéit an den Alldag vun eise Kanner an erwuessen Spiller / innen bréngen.

D'Pandemie huet eis als Veräin awer net nëmmen geschuet. Mir konnten an der ganzer Zäit en Zouwuess bei eiser Jugend virweisen. Een Interessi deen biswell net ofgeflaacht ass, wat eis all immens frou mécht.

Wéinst der ganzer Situatioun, an de Problemer déi se mat sech bruecht huet, sinn ech houfereg dass, eng Partie Spiller / innen, iwwert déi lescht fënnef Joer gekuckt, awer ganz gutt sportlech Resultater virweisen kënnen.

Mat enger éischter Equippe déi säit Joren an der Promotioun spillt, ville gudde Plazen op Podiumen bei Landes- oder Regionalmeschterschaften uechtert d'Land, enger Jugend- a Seniorsequippe déi Divisiounsmeeschter gi sinn a villen Equippen déi um Senior-, Jugend- a Dammechampionnat deelhuelen, ass eise Club fir d'Zukunft gutt opgestallt.

Wat de soziale Plang ugeet, droe mir als DTN och eisen Deel dozou bei. Ech kann iech soen dass net manner ewéi 12 verschidden Nationalitéiten op eisen gutt besichten Trainingen a Mätscher zesumme kommen. Wann mer dann duerno zesummen eppes iessen oder drénke ginn, gesäit een dass déi familiär Atmosphär, déi et fréier well gouf, haut nach ëmmer do ass.

Den Zesummenhalt am Club, d'Jugendaarbecht, d'Erreechen vun sportlechen Ziler, d'Integratioun vun néie Spiller / innen an eng gutt Atmosphär, dat ass et em wat et eis all geet.

Nieft allem gëtt et awer nach eng weider Saach déi mech houfereg mécht. D'Gemeng Kielen baut am Kader vum Projet Elmen néi Infrastrukturen, dorënner och eng néi Sportshal fir de Schoulkomplex.

Entreprise de construction
HILBERT s.a.
60, rue de Kleinbettingen
B.P. 7 · L-8401 Steinfort
T. 39 88 43 - 1
info@hilbert.lu · hilbert.lu

hilbert s.a.
freed um bauen - zënter 1960

+ Travaux de transformations
+ Travaux publics et privés
+ Travaux de génie civil
+ Maisons clé en main

ice
INTER CONCEPT ELECTRO

No konstruktiven Gespréicher mat de Gemengeres-ponsabel dëst Joer, ass decidéiert ginn dass den DTN eng eegen Trainingshal gebaut kréich. Dës kéim direkt niewent déi nei Sportshal stoen.

Mat dëser Trainingshal kéint esou der grousser Nofro vun eiser Jugend an eisen erwuessenen Spiller / innen Rechnung gedroe, an all Dag Training proposéiert ginn.

Duerch d'Benotzen vu béiden Halen kéinten d'Trainin-gen a Championnater zesummen op engem Site statt-fannen, wat fir eisen Club e groussen organisatoreschen a logisteschen Virdeel wier. Den DTN hätt soumat eng nei Heemecht, déi der laanger erfollegräicher Geschicht géif gerecht ginn.

Am Numm vum Comité well ech der Gemeng Kielen, all eise Kanner an erwuessen Spiller / innen, Memberen a Supporter Merci soen. Merci fir är Hëllef, fir är Parti-cipatioun an är Sympathie fir dëse flotte Club.

Ronny Koch
President Dëschtennis Nouspelt

SPORT A FRÄIZÄIT ARTIKELEN

NSHL

PERSONALISÉIERT TEXTILIEN

WWW.NSHL.LU

# Comité vum DT Nouspelt 2016 - 2021

| | |
|---|---|
| Ronny KOCH | President |
| Yves LEHNERT | Vizepresident |
| Christian DUPREL | Sekretär |
| Jo BIVER | Sekretär-adjoint |
| Gérard HILTGEN | Keesier |
| Mathias GÜNTHER | Keesier-adjoint |
| Wilma SCHONCKERT-VAN WISSEN | Responsabel vun der Jugend |
| Steve SCHIRTZ | Responsabel vun den Equipen |
| Lucien KOCH | Member |
| Kevin GEBELE | Member |
| Marc EICHER | Member |
| Claudine CILLIEN | Member |
| Gilles NEYENS | Member |

BHW Luxembourg



Chantal Back
Conseiller Financier

BHW Bausparkasse AG
Niederlassung Luxembourg
Partenaire pour le Secteur Privé
39, rue du Nord
L-4260 Esch-sur-Alzette

Téléphone : 26 55 12 55
Fax : 26 55 12 56
GSM : 621 20 05 68
Mail : chantal.back@bhw.de
www.bhw-esch.lu

Des conditions de rêve pour votre patrimoine immobilier

L'épargne-logement BHW
et le financement de la construction

BHW

Mir hunn iwwert déi lescht 20 Joer an der Moyenne mat 8-9 Seniorequippen gespillt a 6-8 Jugendequippen an de verschidden Altersklassen.

Folgend Succéen waren niewend der normaler Saison eraustiechend :

2018 : eng 2. Plaz (am Eenzel) an der Regionalmeschterschaft bei de Senioren am Süden

eis 3. Seniorequippe gëtt Divisiounsmeschter am Championnat

Opstig vun eiser 2. Seniorequippe an déi 1. Divisioun

2019 : Opstig vun eiser 1. Seniorequippe an d'Promotioun (se waren 2018 rausfgefall)

2. Plaz op de Seniorlandesmeschterschaften am Dubbel bei de Fraen

eis Cadetsequippe (Kanner) gëtt Divisiounsmeschter

2020 : 3. Plaz op de Seniorlandesmeschterschaften am Dubbel bei de Männer

2021 : 2. Plaz um Kriterium bei de Meedecher (Kanner)

Iwwert déi lescht Joer hunn mer och eng Rëtsch Plazéierungen vun eise Kanner an Erwuesenen op den Tournoi'en ueschtert d'Land virzeweisen. Eis Jugendarbescht ass do och net vun der Hand ze weisen. Eise Club steet och fir d'Integratioun vun alle Léit an engem Sportsveräin. Op grouss, kleng, jonk oder al, bei eis dierf jiddereen spille kommen, net fir näischt hunn mir Spiller / innen vun net manner ewéi 12 verschidden Nationalitéiten bei eis lizenséiert.

Niewend eisem Sport, den Tournoien an de Verbandsorganisatiounen déi mir während dem Joer organiséieren, ass eise Club vun Ufank un bei der Emaischen dobäi, wou mer de Léit de ganzen Ouschterweekend iwwer Gegrills ubidden, mir sinn um Péckvillercherslaf (Mee) zu Nouspelt aktiv wat de Catering ubelangt, verschidden Gemengenaktivitéiten hunn mir Rechnung gedroen ewéi z.B. um Télévie 2018 do hunn mer de Léit gegrillt, dat selwecht war wou d'Partnerschaftsgemeng vun Kielen vum Bodensee an d'Gemeng komm ass (2019), do hunn mer och de Léit d'Iessen servéiert an an an... do wou d'Gemeng eis brauch hunn mer biswell emmer konnten hellefen.

BINSFELD & BINTENER
LE SPÉCIALISTE DU PARACHÈVEMENT

BREGER FRÈRES ET FILS S.À.R.L.
SPÉCIALISTE DE L'OUTILLAGE PROFESSIONNEL
39, rue du Père Raphaël - L-2413 LUXEMBOURG-GASPERICH - Tél: 48 99 51-1 - Fax: 48 61 55 - www.breger.lu - E-mail : contact@breger.lu

# Gruppefoto 2021




Op der Foto si folgend Léit ze gesinn : Steve Schirtz, Kevin Gebele, Jo Biver, Alain Recht, Sacha Vitali, Luc Biver, Pit Bodson, Christian Paler, Matthias Günther, Yves Lehnert, Gerard Hiltgen, Marc Bastian, Marc Biver, Emmanuel Saphy, Leif Persson, Christian Duprel, Enrique Pedregosa, David Hertz, Gilles Neyens, Nathan Thieltgen, Andrea Cortinovis, Wilma Schonckert - Van Wissen, Gianni Antony, Martine Schneider, Ronny Koch, Marco Fiorani, Christina Saydon, Albert Züst, Araceli Pedregosa, Gabriel Roels a Daniel Cammarota Schreier

BRUNATA METRONA

e-trash

Q8

BRIDEL

shop &go
DELHAIZE
LOTERIE NATIONALE
TABAC
NEWS




Stage zu Grenzau am Juli 2021

Op der Foto si folgend Léit ze gesinn : Claudine Cillien, Sacha Vitali, Christina Saydon, Ronny Hortsch, Matthias Günther, Gerard Hiltgen, Philippe Lentz, Pit Bodson, Charel Mich, Luc Biver, Steve Schirtz, Alain Recht, Marc Bastian, Jo Biver, Marc Biver






WAGENER
ELECTRONIX



Sportlereierung 2020

Hënnescht Réi vu lénks no riets: Christian Duprel, Christian Paler, Claudine Cillien, Leif Persson, Alain Recht, Gilles Neyens, Lucien Koch, Ronny Koch an d'Presidentin vun der Sportskommissioun Natacha Koch Fiescht Réi vu lénks no riets : Andrea Cortinovis, Miguel Ecker, Lenny Hendriks, Lex Bodson a Nathan Thieltgen

Eis Jugend war och 2020 op diversen Turnéieren ënnerwee an huet esou munch Coupe ofgeraumt.

vu lénks no riets :
Nathan Thieltgen,
Lenny Hendriks,
Lex Bodson a
Stéphane Koch







3. Plaz op der Landesmeeschterschaft am Dubbel bei den Hären
Marc Bastian a Pit Bodson




2. Plaz op der Landesmeechterschaft am Dubbel bei den Dammen. Claudine Cillien

Barragemätscher 2019

vu lénks no riets : Claudine Cillien, Andrea Cortinovis, Charel Bonifas, Miguel Ecker, Wilma Schonckert - Van Wissen, Lex Bodson, Lenny Hendriks a Nathan Thieltgen



65
DT Nouspelt

# Fotoen Weltdëschtennisdaag 2019










Divisiounsmeeschter 2019
vu lénks no riets : Lenny Hendriks, Lex Bodson a Nathan Thieltgen





Emaischen 2019

vu lénks no riets : Irène Biver, Mai Schonckert, Ronny Koch, Louise Acoyong, Steve Schirtz, Guillaume Wirth, Leif Persson a Guy Duprel



Péckvillercherslaf 2019
vu lénks no riets : Lucien Koch, Josy Bonifas an d'Presidentin vun der Sportskommissioun Natacha Koch




Den DT Nouspelt op der Schuerberfouer 2019

Op der Foto si folgend Léit ze gesinn : Christian Paler, Jo Biver, Matthias Günther, Gerard Hiltgen, Yves Lehnert Kevin Gebele, Tom Einsweiler, Claire Tabourin, Ronny Koch, Barbara Boubel, Marc Schonckert, Mai Schonckert a Louise Acoyong




Opstig vun eiser 1. Equipe an Promotioun:

vu lénks no riets : Christian Paler, Alain Recht, Emmanuel Saphy, Leif Persson, Gilles Neyens a Ronny Koch

Eis 3. Equippe get Divisiounsmeechter vun der 4. Divisioun:

vu lénks no riets : Kevin Gebele, Gilles Neyens, Sacha Vitali, Marc Schonckert, Jérôme Bragard a Matthias Günther



Landschaftsgäertnerei

Hilbert s.à.r.l.

Mamer | Walferdange

CONSTRUCTION
MARECHAL

Entreprise de construction luxembourgeoise



Foto vum Comité vun der Generalversammlung 2018

Vun uewen no ënnen : Vic Feyder, Yves Lehnert, Lucien Koch, Steve Schirtz, Claudine Cillien, Wilma Schonckert - Van Wissen, Marc Eicher, Matthias Günther, Gerard Hiltgen, Kevin Gebele, Christian Duprel, Ronny Koch a Jo Biver

Télévie 2018

vu lénks no riets : Steve Schirtz, Matthias Günther, Carlo Schneider, Ronny Koch, Andrea Günther, Marc Schonckert, Wilma Schonckert - Van Wissen, Mai Schonckert, Lucien Koch a Marc Eicher



Distillerie Artisanale du Musée
Distillerie Adam-Van Langendonck
ANNO 1907

BRASSERIE RESTAURANT
ARMES
+352 621 360 431

MORGAN

Ford

Performance Cars

DONDELANGE



Umeldung vu eiser Dammenéquippe :

vu lénks no riets : Nora Willems, Claudine Cillien, Martine Schneider





Fotoen vun verschiddenen Tournoien:

vu lénks no riets : Matthias Günther, Marco Fiorani, Gerard Hiltgen a Marc Schonckert

# 2016 Hochzäit vum Christian an Tanja





Op de Fotoen si folgend Léit ze gesinn : Kim Recht, Cédric Koch, Stéphane Koch, Marc Eicher, Ronny Koch, Fern Biver, Sacha Vitali Alain Recht, Tom Einsweiler, Tom Eicher, Kevin Gebele, Marc Schonckert, Katharina Schonckert, Wilma Schonckert - Van Wissen, Tania Lucas a Christian Duprel


DT Nouspelt
hilbert s.a.
SHOPPING KIELEN
LUX SECURITY


HALL
SPORTIF

***Memento***

*Mir gedenken all eise verstuerwene Spiller/innen an all eise Mêmberen, Eieremêmberen a Gënner, déi sech an deenen 60 Joer fir d'Wuel and'Iwerliewen vun eisem Veräin agesat hunn.*

Den Dëschtennis d'Peckvillercher Nouspelt seet all deenen Merci, déi de Veräin op irgend eng Art a Weis bei dëse Feierlechkeeten an, an deenen leschte Joren ënnerstëtzt hunn.